

Ettelbréck, den 28. Abrëll 2020

## Hëllefssaktioun: Akafe goe fir eeler oder vulnerabel Leit

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Ettelbrécker Guiden a Scouten si säit dem 17. Mäerz, am Kader vum Projet #AllDagEngBA vun de Lëtzebuenger Guiden a Scoutsverbänn, 392 mol (Stand 27.4.20) fir hir eeler oder vulnerabel Matmënschen akafe gaangen.

Vum 4.5. un mussen Si dës Aktioun un d'Gemeng ofginn, well och Si rëm an d'Schoul ginn, fir d'Uni léiere mussen oder rëm selwer schaffe ginn. Ee ganz grouse MERCI un Si all fir hiren Engagement, mat deem Si och ganz vill nei Erfarunge gemaach hunn!

Dës wichteg Aktioun vum Akafe gëtt elo ënnert liicht ofgeännerter Form vum Personal vun der Gemeng weider gefouert.

Fir dëst ze maachen a fir dass et keng Ënnerbriechung gëtt, hu mir eis erlaabt fir är Nimm an Adresse bei de Guiden a Scouten ze froen. D'Lëscht gëtt elo intern bei de Guiden a Scoute geläscht an d'Gemeng behält är Donnéeë just esoulaang wéi d'Aktioun weiderleeft. Domat droe mir dem Datschutz Rechnung.

Wann dir nach Leit kennt, déi eis Offer brauchen, zéckt net hinnen dovunner ze schwätzen.

Op der Récksäit erkläre mir Iech wéi mir de Service elo weiderfueren.

Bleift esou vill wéi méiglech doheem a versuergt Iech gutt!

Mat beschte Gréiss,

Jean-Paul SCHAAF  
Buergermeeschter

André NICOLAY  
Gemengesekretär



## Akafen fir eeler a vulnerabel Ettelbrécker Leit

**Bestellen: Méindes bis Freides vun 08.30 Auer bis 12.30 Auer**

**Tel. 81 91 81 – 329 oder [communication@ettelbruck.lu](mailto:communication@ettelbruck.lu)**

**Akeef vun:  
Liewensméttel, Hygiènesartikel, Medikamenter (mat Ordonnance)**

Maacht eis präzis Angaben an nennt eis och Alternativen, sollt eist Personal een Artikel net fannen oder wann en Artikel net op Stock ass.

Mir bréngen iech wéi gewinnt d'Saachen heem.

**Wou gi mir akafen?**

**CACTUS Ettelbréck an Apdikten zu Ettelbréck**

**Wéi bezuelt dir?**

D'Gemeng stellt iech dono eng Rechnung aus an dir bezuelt dann un d'Gemeng. Mir huelen keng bor Suen entgéint.

